ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister an un den Här Minister fir d'Kulte weiderzeleeden.

Reliéis Gebaier, wéi Kierchen, Kléischter a Kapellen stinn am Mëttelpunkt vun eise Stied an Dierfer. Et si meeschtens wäertvoll kulturhistoresch Gebaier, esou wuel vun der Architektur wéi och vum Mobilier (Uergel, Statue, Biller...). Nieft dem reng kulturelle Wäert hunn dës Gebaier och e groussen emotionalen Wäert an Erënnerungwäert. Dëst wéinst perséinleche Souvenire wéi vun der Daf, der Kommunioun, dem Bestietnis an dem Begriefnis. Och déi kollektiv Erënnerung sinn oft mat de Kierche verbonnen, z.B. Gedenkzeremonien nom 2. Weltkrich an no lokale Katastrophen.

Dëst zielt fir reliéis Gebaier vun alle Reliounen, wéi z.B. och fir d'Synagogen.

Aus der Lescht vun den Immeublen déi vun der nationaler Protektioun benefisséieren (opgestallt vum Service vun de Sitten an den nationale Monumenter) geet eraus, datt relativ wéineg reliéis Gebaier dëse Schutz genéissen.

Et fält esouguer op, wéi am Fall vun der Porkierch vu Biissen (ee Beispill vu villen), datt d'Uergel a véier Biller geschützt sinn, awer net d'Kierch als Ganzt.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Wéi eng reliéis Gebaier sinn als nationaalt Monument klasséiert?*
2) *Wéi eng reliéis Gebaier stinn um zousätzlechem Inventaire?*
3) *Wéivill Kierchen a Synagoge sinn zanter 2013 klasséiert ginn?*
4) *Wéi eng reliéis Gebaier stinn net als ganzt ënnert der Protektioun vum Gesetz iwwert den Denkmalschutz, obschonns en Deel vun hirem Inventaire op der Lescht vum Service vun de Sitten an den nationale Monumenter steet?*
5) *Deelt d'Regierung d'Meenung, datt **all** Kierchen a Synagogen vun der Protektioun misste benefisséieren déi am Gesetz iwwert den Denkmalschutz virgesinn ass, sief et als nationaalt Monument, sief et datt se op den zousätzlechen Inventaire opgeholl géifen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten